PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/07/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Aussenugeleeënheeten an Europa, Verdeedegung, Justiz & Wirtschaft weiderzeleeden.

Laut den Erkenntnisser vun engem internationale Journalistennetzwierk, deenen, ënnert anerem, Journaliste vun der *Süddeutsche Zeitung* an *The Guardian* ugehéieren, wier d'Trojaner-Software "*Pegasus*" op Handye vu Journalisten, Mënscherechtsaktivisten an Oppositiounspolitiker erëmfonnt ginn.

D'Software gëtt vun der israelescher Firma *NSO* ugebueden an ausschliisslech u staatlech Institutioune verkaf, déi an der Terrorismusbekämpfung aktiv sinn. Den ëffentlech zougänglechen Informatiounen no kann dësen Trojaner op Handyen installéiert ginn, ouni, dass de Besëtzer dovunner eppes matkritt. Esou kënnen d'Affer effektiv ausspionéiert ginn, ouni, dass si eppes dovunner matkréien. Wëssenswäert ass och, dass dës israelesch Firma eng Filial zu Lëtzebuerg huet.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Existéiere Relatiounen tëschent der Firma *NSO* an iergendwelleche lëtzebuergeschen Institutiounen?

2. Kann d'Regierung ausschléissen, dass och Journalisten, Aktivisten oder Politiker zu Lëtzebuerg vun dësem Iwwerwaachungsskandal betraff sinn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député